

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8
Référence: 271 / 20
27 MAI 2020
A traiter par:
Copie à:

REÇU
Par A.H. Christian, 11:16, 27/05/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 27. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.

An eisen dräi Naturparken (Our/Uewersauer/Mëllerdall) gi jo vu verschiddene Kooperatioune
Produiten hiergestallt, déi als regional, respektiv, lokal Produkte verkaaft ginn.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Gëtt et eng genee Definitioun dovunner, wat zu Lëtzebuerg als regionalen, respektiv, lokale Produkt kann ugesi ginn? Wa jo, wéi gesäit dës Definitioun aus?
2. Wéi verfuere mir mat auslännesche Produkten, déi als regional Produkte markéiert sinn, an awer net aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun stamen?
3. Wéi gëtt dem Konsument beim Kaf vum Produkt kloer duergestallt, datt et sech ëm en Erzeugnis aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun handelt?
4. Wat gesäit d'Regierung vir, fir de Konsument méi ze motivéieren, lokal, respektiv, regional Produkte virzezéien?
5. Wat gesäit d'Regierung vir, fir Lëtzebuerger Produkte méi «en évidence» ze setzen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2279 du 27.05.2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen - Produits régionaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.


Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 271/2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 24.06.20

Objet: Question parlementaire n°2279 de l'honorable Député Monsieur Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,


Romain SCHNEIDER

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 2279 de Monsieur le député Jeff Engelen

1. Gëtt et eng genee Definitioun dovunner, wat zu Lëtzebuerg als regionalen, respektiv lokale Produit kann ugesi ginn? Wa jo, wéi gesäit dës Definitioun aus?

Et gëtt keng Definitioun vun de Begrëffer «regional» a «lokal» am Kontext vu lëtzebuenger Produiten. Am Allgemenge bezitt sech den Term «lokal» op ee klengen, raimlech ofgegrenzte Raum, während den Term «regional» éischter eng méi grouss geographesch Entitéit beschreift, déi an der Reegel historesch, kulturell oder sozio-ekonomesch begrenzt ass. A béide Fäll wär allerdéngs d'Definitioun vu «lokal» respektiv «regional» éischter subjektiv, a sollt duerfir, jee no ugeduechten Zweck, an engem vertriebare Kader gewielt ginn. Vue d'Gréisst vum Land, mëscht et net onbedéngt Sënn, fir eng Differenzéierung tëschent deene verschiddenen Notiounen ze maachen (lokal, regional, national).

2. Wéi verfuere mir mat auslännesche Originn, déi als regional Produce markéiert sinn, an awer net aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun stamen?

Och bei auslännesche Produiten gëllt de Grondsaz, dass keng Verbrauchertäuschung dāerf stattfannen, an dass dat en Ligne mat der europäescher Etiquetage-Gesetzgebung muss sinn. Wann ee Produkt als regional markéiert ass, dierft ee kënnen dovunner ausgoen, dass d'Komponenten an deem Produkt aus enger geographesch begrenzter Regioun stamen, ob déi een Hiweis op der Etikett oder an der Begleetwerbung vum Produit enthalen ass. Jee no Produit (haaptsächlech am net-transforméierten Zoustand) existéieren och gesetzlech obligatoresch Herkunftsangaben (siehe Punkt 3). E rezent europäescht Reglement gesäit ausserdem fir dass wann d'Originn vun den Ingrediente primär vun engem Liewensmëttel net d'selwecht ass wéi d'Originn vum Liewensmëttel selwer, een och d'Originn vun dësem Ingredient primär muss uginn - an dat kann mat enger Referenz ob d'Regioun geschéien (Artikel 2 vum EU Reglement 2018/775).

3. Wéi gëtt dem Konsument beim Kaf vum Produit kloer duergestallt, datt et sech ëm en Erzeugnis aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun handelt?

D'Kennzeechnung vu Liewensmëttel an Agrarprodukter ënnerleit enger Rei vu gesetzleche Bestëmmungen, ënner anerem och wat den Etiquetage vun der Originn ubelaangt. All Produit (egal ob lëtzebuergesch oder soss EU) muss konform sinn zu dësen europäesche Bestëmmungen. Beim Rëndsfleesch, Schwéngfleesch a Poulet (onveraarbechten Zoustand) beispillsweis enthalen d'EU Reglementer 1337/2013 an 1825/2000 Virschrëften, wat d'Herkunftsangaben (Gebuert, Opzucht, Schluechtung) ubelaangt, dat bezitt sech allerdéngs nëmmen op Angaben zum Land an net der Regioun. Wat d'Groussregioun ubelaangt, ginn et gewëss privat Initiative wéi «Aus der Regioun fir d'Regioun», «Eist Uebst - Ues Uebst». Wéi uewen vermierkt, ass säit Abrëll 2020 d'Reglement UE 2018/775 applikabel wat firgeseit (Artikel 2) dass een fir d'Originn vum Ingredient primär bei Liewensmëttel och eng Regioun kann uginn. Bei Originnen, wou keng EU-Virschrëfte betreffend Herkunftsangabe sinn, muss sech un déi

allgemeng Etikettéierungsvirchräfte gehale ginn (EU Reglement 1169/2011). Hei ass explizitt am Artikel 7, Paragraphe 1 drop higewisen, dass keng Irreféierung a Relatioun zur Originn däerf gemaach ginn. Donieft ginn et och nach Appellations d'origine protégées (AOP), Indications géographiques protégées (IGP), wou d'Referenz op d'Originn am Numm vum Produit op der AOP, IGP Gesetzgebung baséiert (bei dese Produiten ass allerdéngs eng laang Traditioun erfuerderlech, fir se als solches am EU-Register vun den AOP, IGP agedroen ze kréien). Am allgemenge mussen also d'Angaben der Realitéit entsprechen, däerfen de Konsument net täuschen a mussen iwwerprüfbar sinn. Vill vun eise regionalen, nationale Labelen enthalen u sech schonns eng Referenz op d'Regioun am Logo an hunn och ee gewësse Bekanntheetsgrad dobusse beim Konsument.

4. **Wat gesäit d'Regierung vir, fir de Konsument méi ze motivéieren, lokal, respektiv regional Produkte virzezéien?**
5. **Wat gesäit d'Regierung vir, fir Lëtzebuenger Produkte méi „en évidence“ ze setzen?**

(Äntwert op d'Fro 4 & 5)

D'Regierung ënnerstëtzt eng ganz Rei u Campagnen an Aktivitéiten zum Thema Regionalitéit an de Beräicher Landwirtschaft a Liewensmëttelproduktioun. Des sollen de Konsument iwwer Lëtzebuenger Agrarprodukter a Liewensmëttel grad wéi och iwwer hier Produktiounsweis a Qualitéit informéieren. Zousätzlech sollen des Demarchen de Konsument fir d'Qualitéit vu regionalen, saisonale Produkte sensibiliséieren. Och gëtt duerch des Demarchen ee méi een enke Kontakt tëscht Produzent an Konsument gefërdert. Beispillhaft fir esou Campagne sinn d'Foire agricole, d'Campagne «Sou schmaacht Lëtzebuerg», de «Bauernhaff an der Stad» oder och nach d'Campagne Anti-Gaspi. Weiderhin erméiglechen den Onlineportail vun der Landwirtschaft (www.agriculture.public.lu) souwéi och den Internetsite vun «Sou schmaacht Lëtzebuerg» (<https://www.sou-schmaacht-letzebuerg.lu/de>) et jidderengem, sech iwwer déi lokal Originn an Demarchen z'informéieren. D'Regierung incitéiert de Konsument iwwert allgemeng Campagnen «regional, saisonal, bio» zum Kaf vu nohaltege Produkter. D'Regierung plangt och d'Afféierung vun enger offizieller Agreementsdemarche fir Labelen, wou och de Volet Regionalitéit, Circuits-courts verankert ass. Dat ass ee Konzept, wou an Zukunft och ugeduecht ass, fir et bis an d'Kantine virun ze deklinéieren. Allgemeng sief awer och drop higewisen, dass och eise Marché staark vum Export vu regional produzéierte Liewensmëttel a Basisprodukter ofhänkt.
